adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4471**
Reçue le 14.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Computer, Smartphone, Tablet – digital Medie gehéieren zum Alldag vu Kanner a Jugendlecher. An de Schoule ginn dës Medien ëmmer méi heefeg agesat. Et kann ee souguer vun enger progressiver „Bildschirmiséierung" vum Unterrecht schwätzen. Onofhängeg vun de kognitiven Implikatioune vun dëser Entwécklung, déi a bildungspolitesche Kreeser kontrovers diskutéiert ginn, ass dësen Trend och mat gesondheetleche Risike fir d'Schüler verbonnen, z.B. fir hir Aen. Wärend sech normalerweis d'Aelid ongeféier 25-mol pro Minutt op an of beweegt an doduerch d'A mat enger schützender Tréineflëssegkeet iwwerzitt, geschitt dat bei der Aarbecht um Schierm just 7-mol pro Minutt. Dës „Monotonie vum Bléck" huet desagreabel Konsequenzen: rout Aen, Juckreiz, d'Ae „brennen", d'Vue gëtt beanträchtegt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Ginn et am Schoulministär Iwwerleeungen, fir d'Schüler, déi ëmmer méi Zäit um Schierm verbréngen (souwuel a wéi och ausserhalb vun der Schoul), iwwer Methoden ze informéieren, wéi se hir Ae schütze kënnen (z.B. „20-20-20-Reegel", reegelméissegt Blinzelen, Vergréisserung vun der Schrëft um Schierm, genuch Ofstand zum Schierm)?
2) Ginn d'Schüler dozou encouragéiert, hir Ae reegelméisseg vun engem Aendokter kontrolléieren ze loossen? Hu Schüler, déi Problemer mat den Aen hunn, well se wärend dem Unterrecht ze laang op de Bildschierm hu misse kucken, d'Méiglechkeet, aner Supporten ze wielen, oder si se gezwongen, bis zum Enn vum Unterrecht „duerchzehalen"?
3) Ginn et am Ministär Iwwerleeungen, fir den Asaz vun digitale Medien am Unterrecht op eng bestëmmt Unzuel vu Stonne pro Woch ze limitéieren, fir d'Ae vun de Schüler net onnëtz ze strapazéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4471 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Ech kann d'Ausso, datt et zu enger progressiver Bildschiermiséierung vum Unterrecht kënnt, wéi den honorablen Deputéierten sech ausdréckt, net deelen. Bildschiermer op Tabletten oder um PC ginn an der Schoul genotzt, engersäits fir den Unterrecht ze ënnerstëtzen, anerersäits fir d'Kanner an déi Jonk op eng Welt virzebereeden, an där d'Digitaliséierung zum private wéi och zum berufflechen Alldag gehéieren. Den Unterrecht gëtt dobäi weiderhi vu qualifzéiertem Léierpersonal assuréiert, net vu Bildschiermer.

An de Schoule ginn d'gesondheetlech Risike vun engem iwwerméissegen oder problematesche Gebrauch vu Bildschiermer selbstverständlech thematiséiert, z. B. dann, wann d'Schülerinnen a Schüler ob Tablet-Klassen hiren Apparat kréien.

Donieft ass et dem Ministère awer wichteg, datt och d'Eltere sensibiliséiert ginn, op de Mediegebrauch vun hire Kanner opzepassen. Aus deem Grond huet de Ministère 2020 den « Elternratgeber : Bildschirme in der Familie » erausginn.

**Ad 2)**

D'Kanner – a mat hinnen hir Elteren – gi vu kleng un, ë. a. duerch de Bilan 30, awer och duerch d'Interventioune vum Schouldokter oder der Schouldoktesch, sensibiliséiert, sech reegelméisseg ënnersichen ze loossen an esou preventiv ze handelen.

Am Unterrecht passen d'Enseignanten drop ob, datt de Mediegebrauch ausgeglach bleift. Et gëlt dobäi, d'Kanner an déi Jonk staark ze maachen, datt se hir digital Apparater ausserhalb vun de Coursen méiglechst bewosst notzen. Déi franséisch Psychologin Sabine Duflo schléit vir, follgend 4 Reegelen ze beuechten :

- Moies fréi kee Bildschierm
- Kee Bildschierm beim lessen
- Kee Bildschierm virum Schlofegoen
- Kee Bildschierm am Kannerzëmmer

**Ad 3)**

Et ass net besonnesch sënnvoll, sech just op Zäitbegrenzungen ze konzentréieren oder souguer, wéi den honorablen Deputéierte suggeréiert, nei Verbueter anzeféieren, virun allem an enger Zäit, wou d'digital Apparater net just an der Schoul genotzt ginn, mee an all Beräicher vum Liewen anzéien.[1] De Problem sinn net d'digital Medien u sech, mee d'Aart a Weis, wéi mer mat hinnen ëmginn. Dobäi spillt

[1] "Focusing only on limits is hardly a realistic proposition in an age when digital media are fast becoming the infrastructure for work, leisure, learning, relationships and community life." LIVINGSTONE, S. et BYRNE, „J. Parenting in the Digital Age. The Challenges of Parental Responsibility in Comparative Perspective". In: MASCHERONI G et al. Digital Parenting. The Challenges for Families in the Digital Age. Göteborg: Nordicom, 2018, S. 181

d'Schoul eng wichteg Roll, fir ze weisen, wéi een digital Apparater sënnvoll notzt, nämlech dann, wa se e Méiwert hunn par rapport zu anere Medien.